



n° 2720

Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU  
Par AHF Christian, 10:25, 25/08/2020

Lëtzebuerg, den 25/08/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir weiderzeleeden.**

Ausgoend vun der EU-Direktiv 2015/849 an duerch d'Gesetz vum 13te Januar 2019 gouf de Registre des Bénéficiaires effectifs (RBE) zu Lëtzebuerg opgestallt mam Zil, fir méi Transparenz ze suergen an esou d'Geldwäsch an d'Finanzéierung vun illegalen Aktivitéiten ze ënnerbannen. Den RBE gëtt vum Luxembourg Business Register (LBR) verwalt, engem Groupement d'Intérêts économique, an deem de Staat, d'Chambre de Commerce an och d'Chambre des Métiers vertrauede sinn. All Societéit hei am Land muss an dësem Register deklaréieren, wien den Eegentemer vun der Societéit ass, fir ze weisen wien d'Kontroll iwwert d'Societéit ausübt.

Fir sech an de Register anzeschreiwen, muss all Societéit – ob ASBL, Sàrl oder S.A. – online eng Demande beim RBE maachen a fir déi administrativ Käschte vun 15€ opkommen. Persounen, déi d'Demarche net kënnen oder wëllen iwwert den Internet maachen, kréien d'Méiglechkeet – fir 20€ Supplement – d'Deklaratioun an engem Guichet d'Assistance ze maachen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ass et ze begrënnen, datt eng Prozedur, deenen d'Leit an Entreprises sech mussen ënnerzëien, fakturéiert gëtt?
2. Wéi eng Käschte gi mat de 15€ Aschreiwungsfraise gedeckt?
3. Wéi eng Käschte gi mat den 20€ Supplement gedeckt?
4. Wéi vill Recetten huet den RBE bis ewell mat den Aschreiwunge generéiert?
5. Wéi vill Aschreiwunge goufen insgesamt iwwert de Guichet d'Assistance gemaach?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a large, sweeping 'C' followed by a horizontal line and a vertical stroke, resembling the letters 'C' and 'E'.

CLEMENT Sven  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff  
Service des séances plénières et  
secrétariat général  
Tél : 466.966.223  
Fax : 466.966.210  
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Luxembourg

Luxembourg, le 25 août 2020

Objet : Question parlementaire n° 2720 du 25.08.2020 de Monsieur le Député Sven Clement - Frais liés à l'inscription au Registre des Bénéficiaires effectifs

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen  
Président de la Chambre des Députés